# Pressecommuniqué

## JDL Extraordinären Nationalkongress 2024

**De Lou Linster gëtt neie President**

**Op hirem extraordinären Nationalkongress zu Walfer huet d'JDL gefuerdert, datt:**

- d'Logementspolitik deem gerecht gëtt, wat am Koalitiounsaccord steet
- de Staatsrot muss reforméiert ginn a wichteg Gesetzesprojeten, wéi beispillsweis am Logement, net iwwer Jore blockéieren dierf
- d'Klima-Subside musse sozial gestaffelt ginn

Um Samschdeg 13. Januar koumen d'Jonk Demokraten (JDL) fir en extraordinären Nationalkongress zu Walfer zesummen. De Lou Linster gouf mat 89% ouni Géigekandidat zum neie President gewielt. De Buergermeeschter vu Leideleng léist de Michael Agostini of, dee säit 2019 President vun der JDL wor, of. De Steven Milbert gëtt neie Vizepresident an de Pit Bichel neien Tresorier un der JDL.

**D'Logementspolitik muss deem gerecht ginn, wat am Koalitiounsaccord steet**

A senger Ofschlossried huet de Michael Agostini gefuerdert, datt an Zukunft méi an den abordabele Logement investéiert muss ginn an déi geplangte Mobiliséierungssteier op onbebautend Bauland net nëmmen agefouert, mee och erhéicht an acceleréiert soll ginn, par Rapport zu deem wat de Moment geplangt ass. D'Jonk Demokraten begréissen déi zäitlech limitéiert Erhéijung esou wuel vum Taux vum Amortissement accéléré ewéi och vun der Dauer vun der Période d'amortissement. Dat wier eng wichteg Mesure besonnesch fir den Handwierksbetriber ënnert d'Äerm ze gräifen an esou d'Jugendaarbechtslosegkeet ze bekämpfen.

De Michael Agostini huet bedauert, datt mat enger CSV an der Regierung keng Progrèse bei wichtege gesellschaftspoliteschen Themen ewéi der Leihmutterschaft, dem Cannabis oder der Prostitutioun ze erwaarde sinn.

**De Staatsrot muss reforméiert ginn**

De Staatsrot blockéiert oft iwwert laang Zäit wichteg Gesetzesprojeten, esou z. B. d'Gesetz iwwert de Baulandvertrag, wat schonns 2017 presentéiert gouf a bis haut nach ëmmer net a Kraaft ass. Den neie JDL-President Lou Linster huet a senger Ried dofir eng Reform vum Staatsrot gefuerdert. Et dierft net nach weider Zäit beim Bekämpfe vun der Logementskris verluer goen. Déi nei Regierung muss och a punkto Mobiliséierungs- a Leerstandssteier elo Neel mat Käpp maachen.

**Klima-Subside musse sozial gestaffelt ginn**

D'Bekämpfung vun der Klimakris wäert de Lëtzebuerger Staat vill Sue kaschten. Dofir wier et ëmsou méi wichteg, datt déi finanziell Moyenen esou effikass ewéi méiglech agesat ginn. Sozial schwaach

Menage misste finanziell däitlech méi ënnerstëtzt ginn. Deen eenzege Krittär, deen de Moment en Afloss op d'Héicht vun de Klima-Subsiden huet, ass d'Gemeng wou ee wunnt. Esou kritt een an der Stad Lëtzebuerg dank engem kommunale Subsid seng Photovoltaik-Anlag bal geschenkt, wärend bal d'Hallschent vun de Gemengen iwwerhaapt keng kommunal Klima-Primm ausbezilt, wat net kohärent wier. Ouni sozial Staffllung an den doduerch bedéngte méi geziilten Asaz vun de finanzielle Moyene kéint Lëtzebuerg seng Klima-Ziler net erreechen, esou den neie JDL-President Lou Linster.

**Delles: Vill JDL-Iddien an den DP-Walprogrammer an am Koalitiounsaccord erëm ze fannen**

A senger Usprooch un de Kongress, huet den DP-President Lex Delles betount, datt vill JDL-Iddien an den DP-Walprogrammer, souwuel bei de Gemengewalen, wéi och bei de Chamberwalen ze fanne gewiescht wieren. Eng Rëtsch vun dësen Iddien stéingen och am Koalitiounsaccord. Besonnesch am Logement wieren d'Fuerderunge vun der JDL däitlech méi wäit gaangen ewéi déi ursprénglech Fuerderunge vun der DP. Fënnef vun de siwen DP-Ministeren wieren aktiv an der JDL gewiescht, wat weise géif wéi wichteg d'JDL fir d'DP wier.

Den neien Nationalkommitee vun de Jonk Demokrate setzt sech zesummen aus: Lou Linster (President), Steven Milbert (Vizepresident), Hugo Da Costa (Generalsekretär), Julie Federspiel (Secrétaire adjointe), Pit Bichel (Tresorier), Charel Bollig (International Officer), Sam Olinger, Amela Skenderović a Géraldine Welkenbach (Memberen).